



Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen  
Präsident vun der Deputéiertechamber  
19, um Krautmaart  
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg den 2. Dezember 2022

Här President,

Esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Verkéiersminister weiderzeleeden.

Besonesch zu Stousszäiten hu Bierger dacks den Androck, datt Bussen op Basis vun de virgeschriwwener Maximalzuel vu Sätz- a Stéiplazen iwwerfüllt sinn.

An deem Zesammenhang géif ech dem Här Verkéiersminister gär dës Froe stellen:

- 1) Kann den Här Minister elaboréieren, ob an op wéi eng Manéier d'Passagéier an engem Bus gezielt ginn an op de Chauffeur iwwert seng Bordinformatik automatesch matgedeelt kritt, wann déi maximal zoulässeg Kapazitéit erreicht ass, oder ob hien dëst no Gefill muss aschätzen?
- 2) Kann den Här Minister elaboréieren, ewéi eng Prozedur de Chauffeur muss anhalen, wann déi maximal zoulässeg Kapazitéit vu sengem Bus erreicht ass a preziséieren, ob dëst och bedeit, weidere Passagéier den Accès ze refuséieren?
- 3) Kann den Här Minister matdeelen, ewéi eng Persoun respektiv Instruktiounen haftbar sinn, wann en RGTRs-Bus verongléckt, deem seng maximal zoulässeg Kapazitéit u Passagéier iwwerschritt gouf?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen  
Deputéierten